N°2101
Entrée le 07.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2101 vum 17. Mäerz 2025 vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zur Beliichtung vun den Autobunnen a Landstroossen.

Déi follgend Tabell dokumentéiert, wéi vum Här Deputéierte gefrot, déi genau Plazen, d'Unzuel an d'Zäitraim, an deenen d'Luuchte respektiv d'Poteauen op de verschiddene Verkéiersachsen ofmontéiert goufen.

| Verkéiersachs | 2014 | 2015 | 2019 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| **A1** | n.a. | n.a. | 126 Luuchten / 63 Poteauen | 58 Luuchten / 29 Poteauen |
| **A6** | 590 Luuchten / 590 Poteauen | | n.a. | n.a. |
| **A13** | n.a. | n.a. | 98 Luuchten / 49 Poteauen | n.a. |

Am Total goufe säit 2013 **872** Luuchten a **731** Poteauen demontéiert. Haut stinn nach **7 267** Luuchtepoteauen um Autobunnsreseau. Wat d'Landstroossen ugeet, ass ze betounen, dass keng systematesch Réckbau-Campagne duerchgefouert gouf. Dofir ass d'Unzuel vun de Luuchte praktesch onverännert bliwwen.

D'Entscheedung d'Luuchtepoteaue generell um Autobunnsreseau ze limitéiere gouf 2014 geholl, vir, ënnert anerem, déi lafend Käschte vun der Beliichtung ze reduzéieren. Et sief engersäits op de Communiqué vum deemolege Minister vum 3. Mäerz 2014 verwisen an och zum Beispill op d'parlamentaresch Fro N°6257 vum 27. Mee 2022, déi sech am Detail mat dëser Thematik befaassen.

D'Poteauen goufen op enger Héicht vu Ronn engem Meter ofgeschnidden, well dëst déi séiersten an effizientst Method war, den Impakt op de Verkéier op e Minimum ze reduzéieren. De verbleiwenden ënneschten Deel vun den ale Poteaue gëtt eréischt demontéiert, wann op dem Deel vun der Autobunn gréisser Aarbechte virgesi sinn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Wéi schonn uewen ugefouert, koum et zu kengem systematesche Réckbau vun de Stroosseluuchten op de Landstroossen. Et ass och wichteg ze betounen, dass d'Reduzéierung vun der Beliichtung sech nëmmen op déi fräi Streckenofschnëtter vun der Autobunn bezitt.

D'Situatioun op potentielle Geforepunkten, wou op - an offuerend Gefierer d'Verkéierssituatioun komplex maachen – wéi zum Beispill op der Héicht vun Echangeuren oder Autobunnskräizer – bleift onverännert, dat fir d'Sécherheet vun de Leit ze garantéieren.

Baséierend op de Statistiken déi menge Servicer zur Verfügung stinn, ass d’Unzuel vun den déidlechen Accidenter op den Autobunnen iwwer d’Jore relativ stabel bliwwen, respektiv esouguer erof gaangen. D’Zeréckbaue vun der Beliichtung huet deemno op de betraffene Plaze keen negativen Effekt op d’Stroossesécherheet an dofir och net op d’Erreeche vun der Vision zéro. D’Mesuren déi am Plan national Sécurité routière 2024-2028 zeréckbehale gi si sollen dozou bäidroen, fir dem Zil vun der Vision zéro méi no ze kommen.

Op Basis vun dësen Informatioune gëtt et aktuell keen neie Ament, fir déi Decisiounen déi an dësem Kontext getraff goufen, nees nei ze evaluéieren oder réckgängeg ze maachen.

Lëtzebuerg, de 7. Abrëll 2025

D‘Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes